N°4233
Entrée le 12.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Wirtschaft, Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Am RTL Journal vum 23ten Abrëll 2025 gouf bericht, datt eng Persoun iwwert Woche Villercher mat der Substanz Alphachloralose vergëft hat (ëmgangssproochlech schwätzt ee vu Rategëft).

Dëst Gëft ass fräi am Handel erhältlech ass an et goufen an der Vergaangenheet och Fäll, wou Hausdéiere mat esou Produite vergëft goufen. Doriwwer eraus existéieren awer och Gëfter, déi speziell vu Firmen agesat ginn an net am fräien Handel erhältlech sinn.

Insgesamt stellt sech d'Fro vum Impakt vun dëse Gëfter op eis Ëmwelt an d'Déierewelt. D'Gëfter wierken, jee no Zort an Dosis, net ëmmer direkt a kumuléieren sech am Kierper vun der Rat, wou se iwwert d'Liewensmëttelkette kënnen aner Déieren vergëften, déi d'Rate friessen (Gräifvullen wéi de Rotmilan oder Säugeren, wéi Fiiss oder Marderen).

An anere Länner, wéi Däitschland, ass Rategëft net méi am fräien Handel erhältlech.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Rategëfter sinn zu Lëtzebuerg zougelooss an dierfen agesat ginn?
2. Wéi vill Quantitéite vun dëse Rategëfter goufen an deene leschten 3 Joren hei am Land vu Firmen an ëffentleche Verwaltungen agesat?
3. Wéi vill Fäll vu Vergëftung vu Wëlldéieren, Hausdéieren, geschützten Déierenaarten an Déieren an der Landwirtschaft goufen an de leschte 3 Joren erfaasst?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Kann d’Regierung dës Zuelen no Déierenaart oplëschten, notamment fir geschützten Déierenaarten, wéi dem Rotmilan?

4. Wéi bestänneg sinn déi zu Lëtzebuerg zougeloosse Gëfter fir d'Ëmwelt (Grondwaasser, Buedem) an huet d'Regierung Analysen iwwert d'Präsenz an den Impakt vun dëse Gëfter op eis Ëmwelt? Falls nee, sinn Analysen geplangt a falls nee, firwat net?

5. Wat sinn déi aktuell Strofen, wann eng Persoun virsätzlech:
    1. ee Wëlldéier vergëft,
    2. eng geschützten Déierenaart vergëft,
    3. oder een Hausdéier (am Sënn vum Déiereschutzgesetz) vergëft?

6. Wäert d’Regierung, de fräie Verkaf vu Rategëfter verschäerfen, fir Mëssbrauch a Schied fir Déieren an Ëmwelt besser ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés